n° 2348

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 08. Juni 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Educatiounsminister weider ze leeden.

Eisen Informatiounen no ginn d' Posten am Enseignement an den internationaleKlassen *international* ausgeschriwwen, allerdéngs net um Site vum *nationalen* Educatiounsministère (men.lu).

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froe stellen:

- Kann de Minister eist dëst bestätegen?
- Firwat ginn dës Posten net och *national* iwwert de Site vum Educatiounsministère annoncéiert?
- Gëtt virun enger internationaler Ausschreiwung gekuckt, op fonctionariséiert Enseignant' en interesséiert si fir sech op esou ee Posten ze mellen?
- Wa jo – wéi eng Méiglechkeeten bestinn an deem Fall fir si? Si Mutatiounen an deem Sënn méiglich?
- Wann neen – firwaat net?
- Wéi eng allgemeng Ausschreiwungsprozedure sinn hei virgesinn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputeierten

**Äntwert vum Educatiounsminister Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2348 vun der honorabeler Deputéierte Martine HANSEN**

Et ass richteg, datt bis elo déi vakant Poste fir déi international Schoulofferen net um Site vum Educatiounsministère, mee op de Sitte vun deene concernéierte Schoule selwer ausgeschriwwe goufen. Et handelt sech dobäi ëm eng Praxis, déi ee soll änneren, an ech wäert d'Suggestioun vun der honorabeler Deputéierten an deem Sënn gären ophuelen.

Sou wéi et an de Gesetzer vun den internationale Klasse virgesinn ass, kënne selbstverständlech och fonctionnariséiert Enseignanten an deene Klassen enseignéieren; den Ënnerscheed gëtt net bei der Nationalitéit oder dem Statut, mee bei der Qualifikatioun vun den interesséierten Enseignantë gemaach. Besonnesch d'Sproochekompetenze spillen hei eng wichteg Roll. Ee fonctionnariséierte Professer kann duerch eng Mutatioun op e Posten an den internationalen Klassen kommen.